

Do sinn der och, déi soen, dat hei hätt och e Congé sans solde kënne sinn. Virun e puer Deeg hate mer hei eng Diskussioun iwwert d'Working Poor, iwwer Leit, déi, wa se schaffen ginn, awer net genuch hunn, fir kënnen hir Enner beiennezebréngen. An elo wëlle mer deene Leit dann nach operleeën, e puer Deeg net schaffen ze goen oder e puer Deeg keng Pai ze kréien, fir sech dann enger schwieriger Situatioun unzehuelen, déi een dann doheem huet, fir deene Leit ze hëllefen? Dat wär, e Congé anzeféiere fir déi Leit, déi Klacken hunn, déi Suen hunn, an et wär, e Congé onméiglech ze maache fir déi, déi d'Suen net hunn. An dat geet op kee Fall mat eis!

(Interruptions)

Mir wëllen, datt net nëmmen déi Leit, déi sech finanziell gutt stinn, sech kënnen ëm hir Famill këmmern, mee mir wëllen, datt dat allegueren déi Leit sinn, déi dat wëllen a kënne maachen.

Vläicht nach e Wuert zur Ausweitung vum Congé d'aidant op aner Leit wéi déi, déi elo an der Direktiv virgesi sinn. Do steet: „fils, fille, mère, père [...] ou partenaire“. Ech verstinn déi Diskussioun a mir hate se jo och an der Kommissioun, dass een dat hätt kënnen ausweiten. An dat ass sécherlech och eng Demande um Terrain, déi et op där enger oder där anerer Plaz gëtt. Mee wou geet dat do un a wou hale mer op? An déi Diskussioun hu mer jo och gefouert a mir hunn och doriwwer diskutéiert, wéi schwéier et wäert sinn, do wierklech all Fall kënne gerecht ze ginn. A mir hunn eis do un den Text vun der Direktiv gehalen, deen et esou festhält.

Dat hei ass natierlech – am Ufank war dat jo och esou virgesinn – e supplémentair Coût fir d'Betribler. Mir hunn dann an der Tripartitt decidéiert, datt do 50 % Méikäschte fir de Patron solle rembourséiert gi vun deenen Deeg, wat, mengen ech, och e ganz gudder Kompromiss ass. An ech wëll hei och awer ënnersträichen, dass Mataarbechter, déi zefridde sinn, Mataarbechter, deenen et gutt geet, Mataarbechter, déi engagéiert sinn, och dem Patron eppes bréngen. Déi si sécherlech vill méi performant wéi anerer.

Do dernieft féiert déi Direktiv dann hei och nach eppes an, wat u sech misst normal sinn: datt een duerf froen, fir flexibel ze schaffen, fir sech ëm seng Kanner ze këmmern. Ech fannen, dass dat misst effektiv normal sinn. Heimat gëtt et awer elo definitiv dann och agefouert.

An et ass sécher – an dat héiert een an all Etüden an an all Gespräicher –, dass och dat heiten, och esou Moosname wéi déi heiten, zur Attraktivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg bäidroen. Wann ee mat ville Leit grad an deem Domän do schwätzt, dann héiert een, dass et de Salaire ass an dass et déi sozial Ofsecherung ass, d'Work-Life-Balance, déi gutt ass, déi d'Attraktivitéit vun engem Standuert ausmaachen.

Duerfir soen ech hei jiddwerengem Merci fir de positive Vott. Dat hei wäert alt ërm eng Kéier, ginn ech emol dervun aus, eng Unanimitéit ginn. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8016. Den Text steet am Document parlementaire 8016¹².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8016 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aedem, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 8017 – Projet de loi portant modification :

1^o des articles L. 233-16 et L. 621-3 du Code du travail ;

2^o de l'article 28-5 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 8017 iwwert d'Erweiterung vum Pappecongé fir d'Independanten an d'homosexuell Koppelen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A Rapporteur ass nach eng Kéier den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här Président. Léif Kolleginnen a Kollegen, bis elo war et esou, dass opgrond vun engem Gesetz, dat nach vum sozialisteschen Aarbechtsminister Nicolas Schmit abruecht ginn ass, also vun Ärem Virvirgänger, Här Minister, Männer, déi frësch Papp gi sinn, konnte vun engem aussergewöhnleche Congé profitéieren vun zéng Deeg. Vun dësem Congé, deen och als „Pappecongé“ bekannt ass, konnte gläichgeschlechtlech Koppelen awer nëmme profitéieren, wa si e Kand adoptéiert haten.

Opgrond vun den Entwécklungen, déi mer aus anere Beräicher vun der Politik kennen, kënne mer elo hei e Gesetzesprojet diskutéieren, dee mat dëser Ongläichbehandlung vu gläichgeschlechtleche Koppele kann opraumen. An Zukunft sollen och Elteren, déi als „second parent“ unerkannt ginn, vum Pappecongé kënne profitéieren. Op dëser Plaz sief dann och drop higewisen, dass dëse Congé da wuel nach „Pappecongé“ genannt gëtt am Sproochgebrauch zu

Lëtzebuerg, mee dës Bezeechnung – dat gesi mer allegueren u sech – net méi esou zu 100 % passt.

En zweete Volet, deen dëse Gesetzesprojet virgesäit, ass, de Pappecongé fir Independanten, déi haut zwee Deeg zur Verfügung hunn, op zéng Deeg eropzesetzen, esou wéi dat och bei de Salariéen de Fall ass. Domadder wäerten an Zukunft am Fall vun der Gebuert vun engem Kand respektiv der Adoptioun vun engem Kand Independanten also genausou vill Pappecongé kréie wéi d'Salariéen. Dëse Punkt entsprécht enger Mesur, déi d'Regierung sech am aktuelle Koalitiounsaccord ginn hat. De Staat wäert d'Käschte vun aacht vun deenen zéng Deeg Pappecongé iwwerhuelen, esouwuel bei den Independantë wéi och bei de Salariéen, also véier Fënneftel vun de Käschte ginn hei vum Staat gedroen.

Dëse Gesetzesprojet ass ee vun zwee Projeten, déi haut an der Chamber zum Vott stinn – deen een hu mer scho votéiert – an déi, wéi gesot, op déi Work-Life-Balance-Direktiv vun 2019 zrëckginn.

Während de parlamentareschen Aarbechte goufe parlamentaresch Amendementer den 8. Juni 2023 gemaach. Dës hunn dem Staatsrot dann och erlaabt, seng Opposition-formellen, déi e formuléiert hat, opzehiewen.

De Projet de loi ass den 2. Juni 2022 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng Rei vu Berufschamberen hiren Avis zum Gesetzesprojet ginn. Den éischten Avis war dee vum 28. Juni 2022 vun der Chambre des Salariés, déi hiren Accord zum Projet ginn huet.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Accord och ginn an d'Staatsbeamtekummer huet souguer nach en Avis complémentaire erausginn, deen och hiren Accord zu de parlamentareschen Amendementer ginn huet.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn den 22. Juli 2022 e gemeinsamen Avis erausginn an och si hunn hiren Accord zu dësem Projet ginn.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 25. Oktober 2022 eng Opposition formelle formuléiert – ech hat et virdru schonns erwänt. A sengem Avis complémentaire vum 4. Juli 2023 konnt de Staatsrot awer opgrond vun den Amendementer, déi gemaach gi sinn, seng Opposition formelle ophiewen.

De 27. Juni 2023 huet d'Chambre des Salariés en Avis complémentaire erausbruecht. Och do huet si hiren Accord ginn zu de parlamentareschen Amendementer.

D'Kommissioun krut den 19. Mee 2022 – dat ass alt schonn eng Zäitchen hier – de Gesetzesprojet presentéiert. De 25. Mee 2023 sinn déi ugesprache parlamentaresch Amendementer decidéiert ginn an dann ass och den Titel vum Gesetzesprojet – och dat soll awer hei eng Kéier erwänt ginn – geännert ginn duerch déi parlamentaresch Amendementer.

De 6. Juli huet d'Kommissioun souwuel den Avis complémentaire vum Staatsrot examinéiert, de Rapport guttgeheescht an och mech als Rapporteur designéiert.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos dem Här Rapporteur Dan Kersch.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här Président. Merci och dem Rapporteur fir den ausféierleche

schräftlechen a mündleche Rapport. Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren: Och dat hei ass e Projet, deen zrëckgeet op d'Direktiv 2019/1158, genauesou wéi de Projet vu virdrun. Ech hat et virdu schonn ugeschnidden.

Hei ass och d'Diskussioun vun den Independanten, wat eng gutt Saach ass, dass do eng Gläichbehandlung kënn tëschent jiddwerengem, deen an där Situatioun ass. An et ass, wéi de Rapporteur gesot huet, och d'Diskussioun mam „second parent“.

Déi Fro, déi mir eis gestallt hunn – an d'Kollegen aus der Kommissioun wëssen dat –, dat ass mat den Droit-nationalen, déi et gëtt, well mer och Frontalieren hunn. Bei deenen engen ass et d'Filiation, bei deenen aneren ass et d'Adoption. An déi Angscht, déi ech hunn – mee de Minister ka mech do vläicht berouegen, dass mer do falsch leien –, ass, dass den Europäesche Gerichtshaff op eemol bei deene verschiddene Positiounen a Punkten ..., well dat awer nach ëmmer Droit national ass a mir jo bei de Frontalieren awer e grouss – wéi soll ech dat soen? – Anzuchsgebitt si fir eis Frontalierkollegen, dass do eis och eng Kéier eng Plainte kéint op d'Nues falen. Dat muss elo net direkt sinn, dat ass meeschtens esou. Dat ass déi Fro, déi mer eis ëmmer nach just gestallt hunn. Mee fir de Rescht kéinte mir trotz deene Bedenken d'Zoustëmmung zum Projet ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An ech ginn dann d'Wuert eriwuer un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. D'Gläichheet tëschent alle Bierger virum Gesetz ass e Prinzip, deen eis als Demokratesch Partei ganz wichtig ass. Dat ass wichtig, wann et ëm d'Gläichheet tëschent gläichgeschlechtliche Koppelen an heterosexuelle Koppele geet, wou ech der Meenung sinn, dass déi aktuell Koalitioun scho ganz, ganz wichtig Reformen an deene leschte Jore gemaach huet. Déi Gläichheet, déi ass eis als DP-Fraktioun awer och ganz wichtig, wann et ëm d'Gläichheet tëschent Salariéen an Independantë geet.

Ech hat selwer an deem Kontext an dem Kader vun der Pandemie, wou eng ganz Rei Froen dozou opkomm sinn, eng Interpellatioun zu dem Statut vun den Independanten ugefrot, wou och eng Rei Fuerderunge vun eis matagefloss sinn. An ech si ganz frou, well dat heiten ass effektiv e Punkt gewiescht, deen am Koalitiounsaccord war. Et war awer och e Punkt, deen an dem DP-Programm vun 2018 stoung, sou dass mir als DP-Fraktioun ganz frou sinn, dass hei eng Gläichstellung tëschent de Salariéen an den Independanten, wat de Pappecongé ugeet, kënn.

Et bleiwen awer bei der Gläichstellung tëschent Salariéen an Independanten nach eng Rei Schrëtt ze maachen. Ech denke just un d'Pension de vieillesse anticipée. Ech denken awer och un de Revenu de remplacement an un de Chômage, wou nach esou munches ze maachen ass, fir a Richtung vun engem Statut unique tëschent Salariéen an Independanten ze goen.

Ech ginn den Accord zu dësem Gesetz a soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hartmann. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Jo, Här President, well ech et virdu vergiess hat: D'LSAP gëtt selbstverständlech hiren Accord zu dësem gudden Gesetz.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kersch. An dann ass et elo un der honorabelen Madamm Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här President. Merci dem Här Rapporteur fir säin exzellente schräftlechen a mündleche Rapport. D'Gebuert vun engem Beebee a besonnesch déi esou wäertvoll Kenneléierphas an den éischten Deeg ass eng ganz speziell, eng ganz wichteg Zäit, eng Zäit, wou d'Mamm d'Gebuert veraarbecht, heelt, d'Eltere vun den Hiewamme vill Support kréien, Wichtiges erkläert kréien, medezinnesch Tester gemaach ginn a virun allem ee sech géigesäiteg ënnerstëtzt, sech kenneléiert, wéineg schléift an dat net Wonner a senger Famill kenneléiert. Dës magesch Phas ass keng einfach. Se kascht vill Kraaft, vill Energie an ass munchmol begleet vu weidere medezinneschen Agrëffer, vun emotionalen Achterbunfaarten, vu Besuch an neiem Kenneléieren.

Wat all Eltere gemeinsam hunn, ass, dass se dës wichteg Deeg enorm appreciéiert hunn an d'Aarbecht dee Moment ganz wäit fort war dank dem Congé de naissance.

Mee net jidderee konnt bis haut vum Congé de naissance profitéieren. Independantë konnten dat net an hu missen op e wichteg Akommes an dësen Deeg verzichten, wa se bei hirem Kand an hirem Partner wollte sinn, dës souwuel am Fall vun enger Adoptioun wéi bei der Gebuert vum Kand. Och gläichgeschlechtlich Koppele konnte bis haut net vum Congé de naissance profitéieren. Mat der Aféierung vun der méi breeder Betitelung vum „second parent“, deen net méi exklusiv op de Papp zutrëfft, kann deen aneren Elterendeel onofhängeg vum Geschlecht och op dës zéng Deeg bezuelte Congé zrëckgräifen.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Très bien!

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Här President, ech hunn a menger Ried bewosst vum „Congé de naissance“ geschwat an net méi vum „Pappecongé“. De „Gebuertscongé“, wéi mer en dann op Lëtzebuergesch kéinten nennen, ass méi inklusiv a schléisst keen/t aus. Eis Famillje sinn divers, hunn ënnerschiddlech Constellatiounen an Zesummestellungen. An eng gutt Famill definéiert sech net iwwert d'Geschlecht vun den Elteren, mee iwwert hir Léift zu hirem Kand.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | D'Terminologie vum Gebuertscongé ass also en Term, deen och de sëllege Reeboufamillje gerecht gëtt, an och wann et vu munche rietse Kräfte vläicht net appreciéiert gëtt, sou gefält et menger Fraktioun ëmsou méi!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Dofir sinn ech frou iwwert dës laangseent Gesetz, e weidere Bausteen a fir vill Familljen an zukünfteg Familljen och e Meilesteen!

Ech ginn heimadder ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Ech sinn och der Madamm Bernard dankbar fir déi flott Introduktioun zu deene puer Wieder, déi ech elo ka soen. Mee ech wëll awer ufänken, fir Merci ze soe fir de Rapport, deen zweete schonn, deen den Här Kersch eis haut presentéiert huet. An ech wëll och soen, dass hei Aspekter an

deem Gesetz sinn, déi eis och gefalen, notament eng méi grouss Gläichbehandlung zwëschent Independanten a Salariéen. Ech mengen, dat ass eis gutt presentéiert ginn an dat droe mir och mat.

Op där anerer Säit ass hei elo vill geschwat ginn iwwert déi Problematik vun ongläiche Behandlungen. Mee et muss een awer och kloer soen, dass, wann eng Situatioun objektiv ënnerschiddlech ass, se dann och ënnerschiddlech traitéiert ka ginn. Et besteet keng Obligatioun, fir objektiv ënnerschiddlech Situatiounen d'selwecht ze behandelen, well dat erëm eng Quell vun Diskriminatiounen kann duerstellen.

Fir eis ass et kloer, dass déi Propositionen, déi hei gemaach goufen, vill Problemer am internationale Privatrecht opwerfen, oft zu internationale Konventionen am Spannungsverhältnis stinn, notament zu der Kannerrechtskonvention, an dass fir eis de Rôle vu Mamm a Papp och an der Bildung vun engem Kand, a senger psychologescher Entwécklung, primordial ass an dass mer eis och onageschränkt derzou bekennen, dass all Kand seng Mamm a säi Papp huet an dass béid Geschlechter wichteg sinn an der Entwécklung vum Kand.

Aus deem Grond, well mer op där enger Säit Saache guttheeschen an dësem Gesetz an op där anerer Säit awer och bei verschiddene Saachen eng aner Meenung vertrieben, wäerte mir eis enthalten.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An dann ass et un der honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, als Alleréisch dem Rapporteur e grouse Merci fir de mündlechen a schräftleche Rapport. Och hei viirewech: Mir stëmmen dësem Projet de loi selbstverständlech och zou. Et ass eng ganz gutt Saach, et ass dee richteg Wee. Eis ass et egal, ob et zwou Mammen, zwee Pappen oder Mamm a Papp ass, Haaptsaach déi jonk Famill ass eng glécklech Famill an déi ka vun Ufank u bei der Gebuert dobäi sinn an déi soll sech och këmmere kënnen. An et ass eis och egal, wat déi Leit studéiert hunn, geléiert hunn. Och en Independent soll op alle Fall hei grad esou behandelt gi wéi all déi aner Leit, deen huet gradesou e Recht, an dat ass an der Vergaangenheet net richtig gewiescht. An heimadder maache mir hei wierklech e Meilesteen an déi richteg Richtung.

Dat Eenzege, wat mer net ganz kloer ass, dat ass bei de Frühchen. Do muss ee vläicht oppassen, well wann een e Frühche kritt, wann een eng Frühgebuert huet, dat ass och esou eppes, ech mengen, do muss ee mat der Lupp eng Kéier dropkucken, dass och déi Leit hire Congé ... Déi kënnen dee jo zum Deel net matzäiten ufroen, well dat guer net méi méiglech ass. An an där Situatioun, wou een da bei engem Frühchen ass, wann dat op d'Welt kënn, huet ee ganz vill aner Suergen an do huet een de Kapp och net méi dobäi, fir seng Congéen unzefroen. An do hoffen ech ëmmer, dass jiddwereen dann awer esou flexibel ass an dass déi Leit dat awer esou kréien, wéi se dat wëllen.

Ee weidere Punkt am Gesetzesvorschlag ass mat den Amendementen prezisiéiert ginn. An den Avisa gouf zum Deel nämlech drop opmierksam gemaach, dass am Fall vu Méigebueren, Zwillingen an Drillingen, de Congé de paternité nëmmen eemol gestatt gëtt, well d'Gesetz och net prezis genuch wier. Mee mat den Ännerungen duerch d'Amendementen – ech hunn dat elo gesot – ass dat jo geännert ginn. Dat war jo och e grouse Kritikpunkt an dat ass och richtig, dass dat esou geännert ginn ass. An dann ass et elo wierklech kloer, dass een dee Congé pro Kand zegutt huet.

Ech wollt op dëser Plaz och soen, datt mir an eisem Walprogramm nach eng aner Fuerderung stoen hunn: Mir wëllen eigentlech esou e Congé vun zéng Deeg duerch e Congé de naissance vun dräi Méint ersetzen. Dëse Congé kéint den dräi Elterendeeler zesummen huelen, soudass se wierklech déi éischt dräi Méint zesumme bei hirem Kand kéinte bleiwen, egal wat fir ee Geschlecht et och ass, a si kéinten déi Zäit bei hirem Neigebuerene verbréngen, wat sécherlech och e Plus wär fir déi nei Famill. A wéi gesot, ech hunn et scho gesot: Eis ass et wierklech egal, aus wéi dës zwee Elterendeeler bestinn. Dat ass eis wurscht!

(Interruption)

Haaptsaach, déi jonk Famill ass glécklech. Haut hu mer ganz vill Patchworkfamilljen a mir dierfen einfach d'Aen net zoumaachen. Mir mussen se opmaachen a mir müssen hinnen eeben dat ginn, wat se brauchen.

Mir stëmmen dëse Projet, wéi gesot, mat, wuel wësend, datt mer awer bestëmmt fréier oder spéider op d'Thema müssen zréckkommen, well déi meescht Avisen, ënner anerem och dee vum Staatsrot, drop hiweisen, datt d'Filiatioun am Zivillrecht muss reforméiert ginn, fir d'national Gesetzgebung an dësem Beräich ganz op d'Linn vun den europäeschen Texter ze bréngen an domadder méiglech Ongläichbehandlungen ofzeschaffen.

Also, ech denken, datt mir net déi leschte Kéier hei iwwer esou en Text schwätzen, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci als Éischt och un de Rapportier fir de méndlechen a schrëftleche Rapport. Déi zéng Deeg staatlech bezuelte Congé, déi e Papp an enger heterosexueller Koppel bis elo krut, fir no der Gebuert vun engem Kand no der Mamm an dem Neigebuerenen ze kucken, waren nach ni vill. Dat si grad emol zwou Wochen; zwou Wochen, fir sech an engem ganz neie Liewensofschneit erëmzefannen, zwou Wochen, wou een als Mamm – eventuell nach geschwächt vun der kierperlecher a mentaler Belaaschtung vun der Gebuert; vläicht verzweifelt, well et mam Stëllen net esou klappt, wéi een dat geplangt hat; vläicht iwwermüde an um Erdrénken an dreckege Pamperssen – weess, datt ee sécher net eleng do derduerch muss – zwou Wochen. Vis-à-vis vun där Erausforderung sinn zwou Wochen näischt. Mee et ass awer ëmmerhin emol dat: zwou Wochen, wou de Papp doheem konnt ënnerstëtzen.

Gläichgeschlechtliche Koppelen an Independanté waren nämlech souguer dës zéng kuerz Deeg bis elo net zougänglech. Datt dat ganz offensichtlech eng inakzeptabel Ongläichbehandlung war, muss ech sécher net laang erklären. An et sot jo souguer Bréssel, datt dës Ongerechtigkeit misst duerch d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv geännert ginn.

An och wa mir Piraten der Meenung sinn, datt déi zéng Deeg, déi hei am Text proposéiert ginn, bei Wäitem nach net duerginn, wäerte mer dëst Gesetz selbsterständlech matstëmmen. Well hei muss een einfach soen: All Dag zielt, wann et drëms geet, e Puppelche bei sengem Start an d'Liewe begleeden ze kënnen.

Dofir fanne mer et och ganz schued, datt d'Independanten zwar sollen zéng Deeg Congé huele kënnen, dovunner awer just aacht iwwerholl ginn, soudatt déi reschtlech zwee awer aus eegener Täsche

virfinanzéiert respektéiert komplett finanzéiert mussen ginn. Am Endeffekt gëtt esou also eng nei Ongläichbehandlung geschafen, amplaz ee fir alle Mol all d'Ongerechtigkeeten aus dem Wee ze raumen.

Wa mer an e Gebuertscongé investéieren, dann investéiere mer an déi Klengst a Vulnerabelst vun eiser Gesellschaft an dann investéiere mer och a Gläichberechtigung. Soulaang wéi mer et de Partner a Partnerinnen net erlaben, geneesou laang doheemzebleiwen no der Gebuert vun engem Kand wéi de Mammen, zementéiere mer weider d'Iddi, datt de Partnerinnen a Partner hei just eng ënnergeuerdent Roll zoukënn.

Da kann den Egalitéitsministère esou vill Suen an de Grapp huelen, wéi e wëll, fir schéi faarweg Campagné géint Stereotypen: Esoulaang d'Aarbechtsopdeeling doheem esou ausgesäit, datt d'Mamm sech vum Ufank u méi ëm Haus a Kanner këmmere soll, jo, muss, well d'Partnerin oder de Partner nees schaffen muss, ginn d'Mammen an eng Roll gedrängt, fir déi si sech net onbedéngt fräi entscheet hunn. Wann d'Aufgaben doheem schonn direkt am Ufank net gerecht verdeelt gi wéinst engem ze fréier Retour op d'Aarbecht, dann ännert dat sech duerno oft just nach ganz seelen. Dofir setze mir Piraten eis fir de Gebuertscongé vun dräi Méint an, dee parallel zum Congé de maternité soll lafen an et de Famillje kéint erméiglechen, d'Aufgabe vum Ufank un esou ze deelen, wéi si et fir richtig halten.

Leider si mer haut nach esou wäit dovunner ewech an amplaz vun dräi Méint stëmme mer haut dann emol zéng, voire aacht, Deeg. Mee wéi gesot: Et zielt all Dag, an dofir ginn ech den Accord vun de Piraten.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

Prise de position du Gouvernement

M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Léif Deputéiert, fir d'Éischt dem Rapportier e grouse Merci fir deen detailléierte Rapport. Ech brauch duerfir net méi op d'Detailer anzegoen. Vläicht direkt e Saz, deen ech schonn eng Kéier hei gesot hunn: De gréisste Feind vum „Gutt“, dat ass de „Besser“. Natierlech kann een et ëmmer erëm besser maachen, mee ech fannen, dass et emol gutt ass, dass et hei zéng Deeg gëtt, zéng Deeg och fir d'Independanten an och fir déi gläichgeschlechtliche Koppelen. Genee wéi de Projet vun der Work-Life-Balance huet de Gesetzesprojet iwwert de Pappecongé virun allem och e familljepolitische Volet, an deen erkennt dann och de „second parent de naissance“ un.

Am Artikel 3 vun der Kannerrechtskonventioun steet dran: „Les États parties s'engagent à assurer à l'enfant la protection et les soins nécessaires à son bien-être, compte tenu des droits et des devoirs de ses parents, de ses tuteurs ou des autres personnes légalement responsables de lui, et ils prennent à cette fin toutes les mesures législatives et administratives appropriées.“ D'Reform vum Gesetz iwwert de Pappecongé dréit sécherlech och zur Verbesserung vum Bien-être vum Kand bäi. An d'Kannerrechtskonventioun, déi mécht keen Ënnerschied, ob d'Eltere vun engem Kand Independant oder Salariaé sinn, a si mécht och keen Ënnerschied, ob d'Eltere zwou Fraen, zwee Männer sinn oder en anere Sexe hunn.

Och wa mer am Volleksmond vum „Pappecongé“ schwätzen, kann ech mech ganz gutt mat der Iddi vun engem „Gebuertscongé“ offannen. Mee mir hunn einfach den Term geholl, deen an der Direktiv och steet, an hunn do dee selwechten Term gebraucht. An do gëtt dëst Gesetz de Kanner dann d'Recht, déi éischt zéng Deeg vun hirem Papp oder hirem „second parent de naissance“ ze profitéieren, andeems d'Gesetz dann eeben do virgesäit, dass mer déi zéng Deeg do hunn, egal wéi ee Sexe oder Statutt déi Leit dann och hunn.

An dat ass sécherlech am Intérêt supérieur de l'enfant, wéi déi international Kannerrechtskonventioun dat dann och virgesäit, an d'Bindung – et ass virdu gesot ginn – tëschent dem Kand an dem Papp gëtt duerch de Pappecongé sécherlech gestärkt.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Léift vun de Kanner par rapport zu hiren Elteren a vun den Eltere par rapport zu hire Kanner, déi kennt kee Sexe, déi ass inconditionnel, an dat ass meng absolutt Iwwerzeugung a vill, ganz vill Etüde gi mer och onbedéngt Recht dobäi – och wann hei riets Leit sinn, déi dat vläicht net esou gesinn!

Wat de „second parent de naissance“ ugeet, hu mir an dësem Text folgend Formulatioun missen notzen: „la personne reconnue comme second parent équivalent par la législation nationale applicable en vertu du lieu de résidence ou de la nationalité de l'enfant“. An an deem Kader hoffe mer natierlech och, dass dann de Projet de loi 6568A portant réforme du droit de la filiation och gläich kann eng Kéier hei gestëmmt ginn.

Dee Gesetzestext, dee weist dann och, datt d'Independanten eis net egal sinn. Jo, och si kréien dann och Recht hei op e Pappecongé a kréien deen och rembourséiert. E gëtt d'selwecht rembourséiert, aacht plus zwee, also zwee Deeg vum Patron an aacht Deeg rembourséiert vum Staat, wéi dat bei de Salariaéen dann och ass. An ausserdeem kritt dann och de Papp vun enger Naissance multiple de Pappecongé pro Kand accordéiert, bei Zwillingen dann also zweemol a bei Drillingen dann och dräimol zéng Deeg, wat och sécherlech gutt ass.

Eppes, wat och net onwichtig ass, wat, ech mengen, kee gesot huet, ass awer och, dass de ganze Prozess digitaliséiert gëtt. Wa mer gär hätten, dass manner Pabeier soll gebraucht ginn, gëtt de Prozess heimad der ganz digitaliséiert, fir dann och de Remboursement unzefroen, wat da sécherlech och méi séier wäert goen, well d'Delaen dann och méi kleng sinn an dat och einfach iwwert d'Simplification administrative méi einfach wäert sinn.

Vläicht eng Äntwert zu deem, wat den Här Spautz gesot huet: Bon, mir hunn dat natierlech gekuckt, och mat der Justice. D'Justice huet gemengt, dat wär kee Problem. Och de Staatsrot huet kee Problem dobäi gesinn. Elo muss ee kucken, wann et do awer eng Plainte gëtt, da muss mer där Rechnung droe virum EU-Gerichtshaff. Dat muss een da gesinn, wéi et do ausgeet.

An eng Äntwert zu der Madamm Cecchetti hirer Fro iwwert d'Frühchen, iwwert d'Prematuréen: Also, Dir hutt immens vill Rapporten ze liesen, ech hunn der net esou vill ze liese wéi Dir, mee a mengem, also an deem Rapport vun der Chamber, do steet op der Säit 17 eng méiglech Äntwert op dat, wat Der gefrot hutt, well „le délai de préavis ne s'applique pas si l'accouchement a lieu deux mois avant la date présumée.“ Et brauch een also net deen Délai de préavis anzehalen, fir de Patron müssen ze informéieren. Dat kënnt zum Deel op alle Fall emol der Diskussioun iwwert d'Prematuréen entgéint.

Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8017. Den Text steet am Document parlementaire 8017^o.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8017 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm an dräi Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

10. 8233 – Projet de loi portant modification :

1^o de l'article L. 413-4 du Code du travail ;

2^o de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective

Als Nächst hu mer de Projet de loi 8233, eng Ofännerung vum Aarbechtsrecht a puncto Walrecht bei de Chambres professionnelles. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur ass eng drëtte Kéier fir haut den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Merci, Här President, et ass versprochen: Et ass déi leschte Kéier, dass ech och de Paltong undoen, well et ass bal net méi auszehalen hei. Ech gesinn d'Kollegen allegueren am Hiem do setzen, dat ass méi wéi verständlech.

Bei deene leschte Sozialwale 2019 ass opgefall, dass et eng Rei Onstëmmegkeete gouf, wat d'Walrecht

ugeet. Esou ware verschidde Kategorië vu Salariéen, déi an d'Chambre des Salariés cotiséieren, net op der Lëscht vun de Wieler. Beträff waren Demandeurs d'emploi a Léiermeedercher a Léierbouwen. Och war et net ganz kloer, ob Salariéen, déi an engem Congé parental à temps plein wieren, kéinten un de Sozialwale deelhuele oder net.

Mir stëmmen haut also iwwer e Gesetz of, dat engersäits enger Rei Leit d'Walrecht ganz kloer zougesteeet respektiv prezisiéiert, dass si et och wierklech hunn.

De Gesetzesprojet gesäit vir, dass den Alter, fir an de Berufschamberen ze wieren, vun haut 18 op 16 Joer erofgesat gëtt. De Mindestalter, fir Kandidat ze sinn, bleift allerdéngs bei 18 Joer.

Duerch de Gesetzesprojet gëtt och kloergestallt, dass d'Suspensioun vun engem Salarié sengem Aarbechtskontrakt em et trotzdem wäert erlaben, dass e ka weider wéile goen an och ka gewielt ginn. Dat treëft beispillsweis op d'Salariéen zou, déi Vollzäit an engem Congé parental sinn.

Déi nächst Sozialwale si schonn d'nächst Joer. A wa mir Politiker vun engem „Superwaljoer“ dëst Joer schwätzen, kann ee roueg soen, dass och d'Joer drop, also 2024, e Superwaljoer gëtt mat de Sozialwale eeben an den Europawale, déi ustinn.

Ech mengen, et brauch een hei net ze prezisiéieren, dass d'Sozialwale déi Wale sinn, wou déi meeschte Wieler e Walrecht zu Lëtzebuerg hunn, an dat ass domadder e ganz grouse Baustee vun eiser Demokratie. An dofir war et och wichteg, dass mer déi gesetzlech Prezisiounen haut virhuele, déi mer op der Dagesuerdnung hunn.

Ech wollt nach soen, dass an der Kommissioun d'Fro opkomm ass, wivill Leit dann elo zousätzlech vun deem Walrecht profitéieren. A mir krute vum Minister versprochen, e géif eis eng Zuel liwweren. Dat huet en och gemaach. Et geet een dervun aus, dass grob geschätzt ronn 12.000 Leit zousätzlech elo mat deem Gesetzesprojet d'Walrecht kréien. Dat gesot als weider Informatioun, well dat am schréffleche Rapport net drasteet.

De Projet de loi ass de 7. Juni 2023 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng Rei vu Berufschamberen en Avis zum Gesetzesprojet ginn. D'Berufschamberen hunn hiren Accord ginn. Dat zielt fir d'Chambre des Salariés, et zielt awer och fir d'Staatsbeamtekummer, déi allen zwee hiren Accord ginn huet.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 4. Juli 2023 och säin Accord ginn. An d'Kommissioun krut de Gesetzesprojet de 6. Juli 2023 presentéiert, wou mer och d'Avise vun de Berufschamberen a vum Conseil d'État analyséiert hunn. Bei där nämlecher Sitzung gouf ech als Rapporteur designéiert an hunn domadder mäin Job erleedegt.

Merci fir d'Nolauschten. A fir dass ech et dës Kéier net nach eng Kéier vergiessen, hunn ech mer et extra op e separaten Ziedel opgeschriwwen: D'sozialistesche Fraktioun stëmmt deemem Projet selbstverständlech zou. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An éischten ageschriwwene Riedner ass och hei den honorabelen Här Marc Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Och merci un de Rapporteur vun deemem Gesetz, wou mer och kënnen d'Zoustëmmung ginn. Déi Diskussioun,

wou Dir elo grad de Chiffer genannt hutt, dat war jo eng vun de Froen, déi mer eis gestallt hunn, wivill potenziell Wieler géife bäikommen.

Et ass och richtig, wéi den Här Kersch seet: Et ass reng theoreetesch déi Plaz, wou déi meeschte Leit hei zu Lëtzebuerg kënnen un enger Wal deelhuele. Mir wëssen awer, dass an der Realitéit den Taux de participation minimal ass. An dat kënnen mer elo net iwwer Gesetz änneren, dass mer elo schreiwen, den Taux de participation misst an d'Luucht goen.

Mee dat wär nach eng Suggestioun un de Minister, dass mer vläicht zesumme mat de Berufschamberen méi Propaganda maachen, fir dass mer den Taux de participation bei deene Wale och an d'Luucht géife gesat kréien. Dat géif eis och sécherlech allegueren gutt zu Gesiicht stoen. Well wann ëmmer nëmmen bei verschidde Gruppen 20 bis 25 % participéieren an deene jeeweilege Gruppe vun de Berufschamberen, da wier et sécherlech gutt, wa mer deen Taux géifen an d'Luucht gesat kréien.

A fir de Rescht géif ech d'Zoustëmmung gi vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei zu deemem Projet de loi. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Carole Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schréffleche Rapport. Merci och fir d'Prezisioun zu der potenzieller Unzuel vun neie Wieler. Ech hat déi Fro effektiv an der Kommissioun opgeworf. Fir eis ass alles gesot. Ech ginn d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hartmann. An dann ass et um honorabelen Här Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Här President, a merci dem Rapporteur fir säi leschte Rapport fir de Mëtteg. Aus grénger Siicht ass natierlech eng Saach interessant derbäi: dass mer elo och d'Léiermeedercher an d'Léierbouwe mathuelen, fir kënnen wieren ze goen. Si gehéieren zum Betrib a si kënnen dat vu 16 Joer u maachen. Ech fannen dat interessant an et soll eng Pist sinn, fir emol ze kucken, méi couragéiert ze ginn, d'Walrecht op Gemengenniveau an och soss vläicht nach kënnen mat 16 Joer auszeprobéieren. Ech freeë mech schonn, wéi dat ausseet.

Merci villmools.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Margue. An dann ass et um honorabelen Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll fir unzefänken dem Här Dan Kersch en häerzleche Merci soe fir säi schréfflechen a mëndlechen Rapport. En huet säin Job erleedegt, wéi en dat virdrun esou léif gesot huet. Ech mengen, et ass fir eis selbstverständlech, dass déi Leit, déi abezuelen an eng Salariatskummer, och kënnen mat wéile goen. Et war am Fong geholl verwonnerlech, dass et bis elo net esou war, an et huet am Fong och missen esou kommen.

An ech wëll dem Här Spautz Marc soen – en huet jo drop higewisen, dass am Fong geholl d'Walbedeelegung bei de Sozialwale relativ minimal ass –: Do misst ee vläicht déi eng oder aner Campagne starten, fir datt och do e bësse Remedur geschafe gëtt, fir datt och d'Leit duerno wëssen, ëm wat et geet. An ech